



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

1. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller de la Cour des Comptes
 - M. le Président
 - Votes secrets
2. 6217 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2009
 - Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Claudia Dall'Agnol
 - Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, M. Fernand Etgen, M. Félix Braz, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann
 - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3. 6177 - Projet de loi portant introduction d'un taux de cotisation unique dans l'assurance accident et modifiant:
 1. le Code de la Sécurité sociale;
 2. la loi modifiée du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural
 - Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Lydia Mutsch
 - Discussion générale: M. Marc Spautz, M. Carlo Wagner, M. Félix Braz, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann
 - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. Mars Di Bartolomeo et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre.**- Neen, Här President. Dat ass net de Fall.

1. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller de la Cour des Comptes

► **M. le Président.**- Esou wéi dat ofgeännert Gesetz vum 8. Juli 1999 iwwert d'Cour des Comptes an den Artikelen 114 bis 126 vum Chambersreglement et virgesäit, stelle mer haut eng Lëscht op vun dräi Kandidate fir ee Poste vum Conseiller bei der Cour des Comptes. Dës Lëscht gëtt dann iwwert d'Regierung dem Grand-Duc virgeluecht.

No den Dispositiounen vun den Artikelen 118 an 119 vum Chambersreglement huet d'Präsidentekonferenz eng Kandidatelëscht mat dräi Persounen arrétéiert, déi un all Deputéierte verdeelt ginn ass. Dat sinn an alphabetescher Reiefolg: den Här Charles Hurt, Conseiller parlementaire; den Här Carlo Mulbach, Attaché de Gouvernement; den Här Marc Reiter, Secrétaire parlementaire adjoint.

D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et dierf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmmen d'Voten iwwert déi offiziell déposiert Kandidature si valabel. D'Wahl vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongültig Wahlziedelen net a Betruecht gezu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit krut, kënn et zu engem Ballottage, an deem déi zwee Kandidate vertrauede sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kritt hunn. Am Ballottage geet eng einfach Majoritéit duer.

Bei Stëmmegläichheet am éischten Tour kënn et zu engem Spezialtour fir d'Kandidaten, fir de Ballottage ze designéieren.

Bei Stëmmegläichheet am Ballottage entscheet d'Lous.

Et gëtt also fir jiddwer Kandidat eenzel ofgestëmmt.

Vote du premier candidat

Mir fänken dann elo un, den éischte Kandidat ze wielen. An ech géif lech bieden, d'Stëmmziedelen auszedeele.

Appel nominal

D'Sitzung ass ennerbrach.

(La séance est suspendue de 14.39 à 14.43 heures.)

D'Sitzung geet et erëm weider.

D'Stëmmziedele si folgendermoossen opgedeelt:

| | |
|-----------------------------|------|
| Total vun de Stëmmziedelen: | 50 |
| Blank Stëmmziedelen: | keen |
| Ongültig Stëmmziedelen: | keen |
| Gültig Stëmmziedelen: | 50 |
| Absolut Majoritéit: | 26 |

Et hu Stëmme kritt: den Här Carlo Mulbach: 50.

(Interruption)

Domadder ass den Här Mulbach als éischte Kandidat gewielt, an domadder wier och gläichzäiteg den éischte Wahlgang erlaanscht.

Vote du deuxième candidat

Mir fueren dann elo virun a wielen den zweete Kandidat. Ech géif lech bieden, d'Stëmmziedelen auszedeele.

(Interruptions)

Ass alles ausgedeelt?

Sou! Ech maachen dann elo den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesamelen.

Appel nominal

D'Sitzung ass ennerbrach.

(La séance est suspendue de 14.49 à 14.53 heures.)

D'Sitzung geet erëm weider.

D'Stëmmziedele si folgendermoossen opgedeelt:

| | |
|-----------------------------|------|
| Total vun de Stëmmziedelen: | 51 |
| Wäiss Stëmmziedelen: | 1 |
| Ongültig: | keen |

| | |
|-----------------------|----|
| Gültig Stëmmziedelen: | 50 |
| Absolut Majoritéit: | 26 |

Et hu Stëmme kritt: den Här Charles Hurt: 4; an den Här Marc Reiter: 46.

Domadder ass den Här Marc Reiter als zweete Kandidat gewielt.

Domadder wier also den zweete Wahlgang erlaanscht.

Vote du troisième candidat

Mir hunn elo just nach eng eenzeg Kandidatur fir den drëtte Kandidat vun der Lëscht vun dräi Kandidate fir e Poste vum Conseiller bei der Cour des Comptes. Den Artikel 123 vun eise Chambersreglement erméiglecht eis, de Paragraph 5 vum Artikel 4 gültig ze maachen, esou datt d'Chamber op eng Ofstëmmung verzichte kann, wa just eng Kandidatur fir ee Kandidatposte virläit.

An deem Fall géif dee leschte Kandidat, dee mer hunn, den drëtte Kandidat op der Lëscht vun dräi Kandidate fir e Poste vum Conseiller bei der Cour des Comptes ginn. Wann awer een Deputéierten de Scrutin secret freet, erfollegt eng Wahl iwwert den drëtte Kandidat.

Ech géif lech bieden, déi domadder averstane sinn, keng Ofstëmmung iwwert den drëtte Kandidat ze maachen, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn.

Domadder wär dann de Kandidat Charles Hurt den Nummer dräi op der Lëscht.

Als éischte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut hu mer de Projet de loi 6217 iwwert d'Upassung vun de Pensiounen. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Meyers, Etgen, Braz, Gibéryen an Hoffmann. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

2. 6217 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2009

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 6217, dee gouf de 5. November 2010 vum Ressortminister, dem Mars Di Bartolomeo, hei an der Chamber déposiert. An an der Réunion vum 18. November gouf ech vun der Santé-s Sécurité-sociale-s-Kommissioun als Rapportrice vun dësem Projet de loi, deem als Zil d'Upassung vun de Pensiounen a Renten un d'Entwécklung vum indexberengte Loun huet, bestëmmt.

Den Avis vum Statsrot an och den Avis vun der Chambre des Salariés zum Projet si vun der zoustänneger Kommissioun gekuckt ginn. A mäi schréftleche Rapport gouf och den 9. Dezember vun där selwechter Kommissioun akzeptiert.

Den Objet vun dësem Projet de loi ass also deem, datt laut Artikel 225, Alinea 4 vum Code de la Sécurité sociale d'Regierung all zwee Joer préift, ob eng Revisioun vum Facteur d'ajustement gemaach muss ginn, fir deem un d'Evolutioun vum Niveau moyen vun de Salaires an Traitementen unzepassen.

Säit 1995 remplaciert dësen Indicateur unique och déi zwee Indicateuren, déi virun, also viru '95, bestanen hunn; deem ee fir d'Pensiounen, deem anere fir de Mindestloun. Zënter 1995 ersetze mer déi duerch een Indicateur. Deem also souwuel d'Pensiounen adaptéiert wéi och de Mindestloun.

An Erënnerung ruffe wëll ech dann nach eng Kéier dat lescht Gesetz, dat mer an dësem Kader haten, d'Gesetz vum 17. Dezember 2008, wou mer dann d'Pensiounen adaptéiert hunn, op de reellen Ni-

veau vun de Salaires op d'Joer 2007. Do, wou mer also gekuckt hunn, wéi d'Evolutioun 2006/2007 war, a wou mer iwwert d'Gesetz 2008 déi Erhéijung do du gemaach hunn. De Moment ass dann elo komm, fir erëm eng Kéier eng Adaptatioun ze maachen an, wéi gesot, dann d'Pensiounen an d'Rentes accident unzepassen, an dat op den 1. Januar 2011.

Am Tableau, deem d'Kommissioun kritt huet, hu mer gesinn, datt an de Joren 2008 an 2009 den Niveau vun de Salaires ëm 1,9% eropgaangen ass. Dat géif mat sech bréngen, datt de Facteur d'ajustement misst eropgesat gi vun 1,379 op 1,405, an dat, wéi gesot, vum 1. Januar 2011 un.

A senger Ried zur Lag vun der Natioun dëst Joer huet de Statsminister awer ugekënnegt, datt eng vun de Spuermoossname fir d'Statsfinanzen an den Équiliber ze bréngen déi wär, den Ajustement ze échelonéieren, wéi dat am Text vum Projet de loi heescht. Échelonéieren, dat bedeit näischt anescht, wéi datt net op den 1. Januar 2011 dee ganze geschëlltenen Ajustement ausbezuelet gëtt, mä datt nëmme een Deel ab deem Dag bezuelet gëtt, an de Rescht eréischt vum 1. Januar 2012, ee Joer méi spéit also, un.

De Facteur d'ajustement gëtt also net direkt op 1,405 eropgesat, mä an enger éischer Phas op 1,392 an eréischt, wéi gesot, ab den 1.1.2012 op 1,405.

Dat ass näischt Neies. An dofir rappeléieren ech och, datt am Kader vun dem Avis vum Comité de coordination tripartite vum 28. Abrëll 2006 festgehale gouf, datt déi Adaptatioun, déi eigentlech hätt misse stattfannen, vun de Pensiounen an de Rentes accident och ëm 1,9% net direkt zesummen ausbezuelet géif ginn, mä datt déi deemools och an Etappe stattfonnt huet: eng Kéier 1% op den 1. Juli 2007 an déi aner 0,9% op den 1. Juli 2008. Esou datt mer dunn déi 1,9% also och iwwert déi dote Period verdeelt haten.

Wat bedeit et awer elo, wa mer d'Renten erhéien oder, besser gesot, um 1. Januar vum nächste Joer adaptéiere wäerten? Ma et bedeit näischt anescht wéi méi Kafkraaft fir d'Leit, an hei virun allem och fir d'Rentner. An ech mengen, datt dat jiddwerengem an dësen dach e bësse méi ongewëssen Zäite guttdeet.

Nach eng Remarque erlaben ech mer, datt, wa mer net géife regelméisseg dësen Ajustement maache respektiv den Index net géifen ausbezuelen, net géife spille loosse, da géife virun allem Leit mat deene méi kleng Renten, mä och all déi aner, u Kafkraaft abëssen, an d'Loun-ënnerscheeder wäere vill a géifen nach vill méi grouss ginn.

Wann ech da scho beim Geld sinn, dann hei och d'Chifferen zu dësem Projet de loi. Den Ajustement vun de Pensiounen am Régime général bedeit fir 2011 e supplémentair Coût vun 28 Milliounen Euro, an nach eemol fir den Exercice 2012 30 Milliounen Euro. Wat d'Rentes accident betrëfft, esou läit dese Coût do bei 1,3 Milliounen Euro fir 2011 an 1,4 Milliounen Euro fir 2012. Bei de Pensiounen vun de Fonctionnaires d'État beleeft sech de Coût vum Ajustement op 5,3 Milliounen Euro fir d'nächst Joer a 5,8 Milliounen Euro fir d'Joer 2012.

Wat hunn déi eenzel Avisen zu dësem Ajustement vun de Pensiounen an der Assurance accident gesot? Bon, d'Chambre des Salariés ass net d'accord mat der Opdeelung, dem Échelonnement also op zwee Joer. Si begrënnen dat an hirem Avis domat, datt d'Situatioun vum Zentralstat besser ass wéi geduecht a virun allem och besser ass wéi zum Zäitpunkt, wou de Premier ugekënnegt huet, dësen Ajustement ze splitten.



De Conseil d'État, deem huet säin Avis positif den 30. November dëst Joer zu dësem Projet de loi ofginn. E mécht allerdéngs drop opmierksam, datt à moyen an a long terme nëmmen eng strukturell Reform vum Pensiounswiesen hei zu Lëtzebuerg kann d'Viabilitéit vun eise Rentesystem garantéieren. Ausserdeem mengt déi héich Kierperschaft och nach, datt déi finanziell Situatioun vum Stat an d'Intentioun vun der Regierung, fir d'Finanzen ze konsolidéieren, den Echelonement justifiéieren.

Voilà! Léif Kollegeinnen, Léif Kollegen, Här President, den nächste Rendez-vous, fir iwwert den Ajustement ze schwätzen, wär laut deem System, deem ech aganks erkläert hunn, dann am Dezember 2012. Domat wär meng Aufgab als Rapportrice vun dësem Projet de loi gemaach. Ech profitéieren dovunner, fir och direkt d'Zoustëmmung vu menger Partei, der LSAP-Fraktioun, fir dëse Projet, deem an eisen Ae sozial ganz wichteg ass, ze ginn, an ech soen lech dann an engems Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Rapportrice, der Madame Dall'Agnol. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul-Henri Meyers agedroen. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Virriednerin, der Rapportrice, der Madame Claudia Dall'Agnol, villmools Merci soe fir hire mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Dat erlaabt mir, méi kuerz ze sinn, an ech brauch och dofir net op d'Detailer vum Projet iwwert den Ajustement weider anzegoen. Ech wëll dofir e puer Punkten ervirhiewen, déi mer wichteg schéngen am Hibleck op den Ajustement vun de Pensiounen.

Een éischte Punkt - an ech gi mech haapt-sächlech mat der Procédure of a mat dem Rapport -, dee muss erstallt ginn, ass d'Uwendung vum Artikel 225 vum Code des Assurances sociales. Deen Artikel leet mat enger grousser Präzisioun d'Prozedur an d'Konditiounen fest fir d'Upassung vun de Pensiounen. D'Prozedur gesäit am Fong geholl vir, dass d'Regierung muss ee Rapport maachen. Dee gëtt der Chamber zougestallt, an d'Regierung leet, wann et noutwendeg ass, dat heescht, wann d'Lounentwécklung positiv ass, ee Projet de loi bäi.

D'Regierung muss all zwee Joer ënnersichen, ob de Facteur d'ajustement ugepasst muss ginn. Bei där Etüd muss zwee Elementer Rechnung gedroe ginn, an zwar déi allgemeng Lounentwécklung - d'Entwécklung vun de Léin a Gehälter - an d'Ressourcë vun de Pensiounsregimer.

Den Term „ressources“, wéi en am Gesetz steet, ass zwar net preziséiert, mä ech mengen, et wier kloer, dass domat net d'Ressourcë vun den Assurée gemengt sinn, mä d'Ressourcë vun de Pensiounskeesen oder vun de Pensiounsregimer. Et kann een dat och aus de Viraarbechte vun den Texter aus de 60er Joren an doriwwer eraus novollzéien. Esou dass den Term „ressources“ sech op d'finanziell Situatioun vun de Pensiounskeese bezieht.

Et ass keen, deem haut behaapte géif, d'Pensiounskeess wier net an der Lag, an der finanzieller Situatioun, fir hir zousätzlech Käschte vum Ajustement ze droen. Wann a well awer d'Gesetz virgesäit, dass och de Volet vun de Ressourcë muss examinéiert ginn, schéngt et mir net iwwer-driwwen, fir an Zukunft och deen Exercice ze maachen. Domat entspreche mer net nëmmen dem Buschtaf vum Gesetz, mä mir kréien och méi e komplett an ofgeronntend Bild iwwert déi finanziell Konsequenze vum Ajustement.

Zënter 1998 ginn d'Pensiounen beim Stat a bei de Gemengen net méi un d'Entwécklung vun Punktwaert ugepasst, mä och ajustéiert zur selwechter Zäit a mam selwechte Facteur wéi d'Pensiounen aus dem Privatsektor. Den Artikel 48 vum Gesetz vum 3. August 1998 iwwert d'Re-

gimes spéciaux an den Artikel 34 vum modifizéierte Gesetz vum 26. Mee 1954 iwwert d'Statsbeamte gesinn dofir den Ajustement vir. Déi zwee Artikelen verweisen dann op d'Prozedur, wéi se am Artikel 225 vum Code des Assurances sociales virgesinn ass.

De Rapport, deem d'Regierung am Hibleck op den Ajustement ausgeschafft huet, misst also och Aussoe maachen iwwert d'Konsequenze vun dem Ajustement fir de Statsbudget a fir d'Caisse de prévoyance an dem Gemengesektor.

Här President, selbstverständlech fënn een am Exposé des motifs vum Projet de loi Chifferen iwwert de Käschtepunkt vun dem Ajustement fir d'Pensiounsregimer a fir de Statsbudget. Et kann een allerdéngs net opgrond vun de Statistiken a vun de Berechnungen, déi net dra sinn, novollzéien, wéi dann déi Ausgaben zustane kumm sinn.

Dofir, Här President, mäi Wonsch un déi zoustänneg Ministeren, souwuel de Minister vun der Fonction publique wéi och dee vun der Sécurité sociale, fir bei deem nächsten Ajustement eis e Rapport zouze-stellen, deem e bësse méi étofféiert ass, besonnesch wat d'Exigence vun dem Artikel 225 vum Code des Assurances sociales ugeet.

No dem Rapport vun der Sécurité sociale vum 10. Oktober 2010 ergëtt sech fir d'Zäit vun 2007 bis 2009 eng positiv Lounentwécklung vun 1,9% ouni d'Indexupassungen. D'Renten an d'Pensiounen hätten also ëm 1,9% missen ugepasst ginn op den 1. Januar 2011.

Aus finanziellen Iwwerleeungen an am Hibleck op d'Konsolidéierung vun de Statsfinanzen huet d'Regierung virgeschloen, den Ajustement an zwou Etappen ze realiséieren. D'Pensiounen a Rente ginn dofir ëm 0,95% gehéicht op den 1. Januar 2011 an ëm 0,25% op den 1. Januar 2012. Eng ähnlech Léisung vun schonn 2006 vun dem Comité de coordination tripartite virgeschloen ginn a war och deemools esou duerchgezu ginn.

Här President, Léif Kollegen, den Ajustement vun de Renten a Pensiounen ass zënter senger Aféierung am Joer 1964 ee feste Bestanddeel vun eise Pensiounsregimer. Deen Ajustement soll deene Pensionéierten erlaben, hiren Undeel ze kréien un dem reelle Wuesstem vun eise Wuelstand an hir Kafkraaft ze erhalen. Den Ajustement ass en Instrument, dat bei deenen eeleren, pensionéierte Matbierger derzou bäidréit, fir hiren ugemessene Liewensniveau ze halen.

Mir géifen haut am soziale Jargon soen: Et ass en Deel vun der sozialer Kohäsioun hei am Land. Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kann ech och am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Projet ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Paul-Henri Meyers. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vir-eweche en häerzleche Merci der Rapportrice, der Madame Claudia Dall'Agnol, fir hire präzise schrëftlechen a mëndleche Rapport.

De Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, gesäit vir, den Ajustement fir d'Pensiounen an dee vun enger Rent am Fall vun engem Accident op de Liewensniveau vun 2009 unzepassen. Aus finanz-politeschen Ursachen huet d'Regierung decidéiert, déi Ajustementer an zwou Tranchen auszebezuelen: eng éischt Tranche 2011 an eng zweet Tranche 2012.

Wat de Pensiounsajustement ubelaangt, esou schléit deem 2011 mat 28 Milliounen zu Buch an 2012 mat 30 Milliounen Euro. Wat de Käschtepunkt beim Ajustement vun der Rent am Fall vun engem Accident ubelaangt, esou beleeft dee sech 2011 op 1,3 Milliounen Euro an 2012 op 1,4 Milliounen Euro.

D'Demokratesch Partei hätt sech et elo kënnen einfach maachen an dësen Ajustement och matstëmmen. Mir hunn an der Vergaangenheet d'Ajustementer ëmmer matgestëmmt. Pour cause. D'finanziell

Situatioun vum Land huet et zougelooss. D'Rentereserven hunn et och zougelooss, iwwer dräi an en halleftmol d'Joresausgaben. Et war eng Décisioun, déi konform war zu de Konklusione vum Renten-dësch.

Mir hätten dësen Ajustement elo och matstëmmen kënnen, mir wollten dat bewosst awer net maachen. Et ass eis drëm gaangen, een Zeechen ze setzen. Am Rentewiesen därerf een net deem einfache Wee goen, an am Rentewiese muss ee géigesteieren, wann nach Zäit dofir ass. An d'Zäit dofir ass elo. Si war eigentlech scho gëschter.

Här President, all d'Parteien hei am Parlament si sech eens, datt mir am Rentewiesen eng Strukturreform brauchen. Bei all Ajustement, bei all Budgetried, bei all État de la nation gëtt feierlech deklaréiert, datt een awer elo eppes misst maachen. De Sozialminister seet eis schonn zënter Joren, hie kéim elo mat Pisten. Am Fréijoer 2009...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.** - Mir hate kee Sozialminister.

► **M. Fernand Etgen (DP).** - ...kum hie mat enger Hällewull...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.** - Mir hate keen.

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Deen heitege Sozialminister...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale.** - A wat huet dee vieregte gemaach?

(Interruption)

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Deen hat... Dorobber kommen ech nach, Här Minister. Ech wäert lech dat och nach soen.

(Interruptions diverses)

D'UEL huet am Juli 2009 an d'Chambre des Salariés huet am Februar 2010 Pisten op den Dësch geluecht. Mir hunn hei am Parlament eng Debatt gefouert iwwert d'Zukunft vum Rentewiesen. Et läit also alles um Dësch. D'Positiounen a Virschléi si bekannt.

Ech mengen, et gëtt effektiv keng honnert Méiglechkeeten, fir de Renteproblem an de Grëff ze kréien. An all déi Pisten, déi um Dësch leien, sinn diskussiounswürdeg. D'Regierung sollt elo dëst Joer mat hire Virschléi kommen. Dat ass elo erëm, wéi esou viles, op d'nächst Joer vertagt ginn.

De Problem an de Rentekeesen, dee kann een awer net vertagen. Dee bleift. A mat där aktueller Entwécklung vum Land riskéiert deem net méi kleng ze ginn. An déi Eenzeg, déi dorënner wäerte leiden, sinn déi zukünftige Generatiounen. Si wäerten duebel drënner leiden. Net nëmmen, datt fir hir Rent näischt méi do ass, net nëmmen, datt si muer mussen immens héich Cotisatiounen opbréngen. Méi héich Cotisatiounen bedeit och, datt de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg dann definitiv an d'Mittelmooß zréckfällt an dee leschten Atout, dee vun den niddrege Lounniewekäschten, och nach fort ass.

Wat dat bedeit, kënne mer eis all ausmolen. An ech fannen et duerfir net richtig, datt mir elo erëm een Ajustement stëmmen, éier mer déi Diskussiounen iwwert d'nohaltig Finanzéierung vun de Rente gefouert hunn.

► **Une voix.** - Très bien.

► **M. Fernand Etgen (DP).** - D'DP hätt kee Problem gehat, wa mir iwwert den Ajustement geschwat hätten no klore Diskussiounen an Décisiounen ronderëm d'Finanzéierung vun de Renten.

Här President, et gëtt ëmmer gären op de leschte Bilan technique vun der IGSS fir d'Joren 1999 an 2005 higewisen, wou dra-steet, datt déi finanziell Situatioun vum Rentewiese gesond wier. Vergiess gëtt awer ëmmer dee leschte Saz, deem an de Konklusione steet.

Erlaab mir, datt ech lech dee virlesen: «Cette situation favorable peut perdurer à condition que l'équilibre financier atteint soit maintenu, y compris l'alimentation continue de la réserve. À cet effet il convient de maintenir les ressources financières à leur niveau actuel et à défaut de réduire les dépenses d'aujourd'hui, de subordonner toute charge financière sup-

plémentaire du régime à la condition d'introduire de façon explicite des ressources financières supplémentaires suffisantes pour couvrir entièrement les dépenses nouvelles de demain.»

Kommt, mir sinn éierlech mat eis selwer: Den Ajustement ass eng Charge financière supplémentaire. Ech wëll et nach eemol soen: D'finanziell Situatioun vun eise Renteregime gesäit op deem éischte Bléck gesond aus. Reserve vun iwwer 3,5-mol d'Joresausgaben, wat bal zéng Milliarden Euro ausmécht; Cotisatiounen, déi méi héich si wéi se effektiv gebraucht ginn. 20,6% géifen duergoen; mir hunn effektiv 24%.

Mir hunn ee gesonde Ratio am Moment vun ee Rentner op 2,5 Salariéen. Mir gesinn awer op där anerer Säit, datt eis Reserven extrem séier op null erfoginn, wa mir haut net géigesteieren. D'IGSS hat bei hire Simulatioun gerechent, datt bei engem Wirtschaftswuesstum vun 2,2% d'Reserven am Joer 2034 komplett op null wieren. Dobäi wier de Clignotant vum Rentendësch érischt am Joer 2030 ugaangen. Et hätt een also just véier Joer Zäit gehat, fir ze reagéieren.

Beim zweeten Zeenario vun der IGSS vum Wuesstum vun 3% iwwert déi kommend Jore war gerechent ginn, datt d'Reserven am Joer 2041 op null wieren; d'Clignotant wieren awer érischt am Joer 2035 ugaangen, also sechs Joer virun deem d'Reserven null gewiescht wieren.

Véier oder sechs Joer sinn ze mann, fir kënnen adequat ze reagéieren. Wann een da just um Niveau vun de Cotisatiounen géif reagéieren, da misste mir spëtstens am Joer 2027 beziungsweis am Joer 2034, jee no Zeenario, d'Cotisatiounen dättelech eropsetzen. Si misste bis op 36,75% beziungsweis 48,75% successiv eropgesat ginn, wat fir déi künftige Generatiounen an de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg eng Katastroph wier.

Wann een elo bedenkt, datt elo nach d'Finanz- a Wirtschaftskris net nëmmen eise Wuesstum zréckgehaat huet, mä och den Emploi; wann ee bedenkt, datt eist Land an deenen nächste Joren Defiziter a Scholde mécht, well an eisen Aen net adequat op déi nei Situatioun reagéiert gëtt; wann ee bedenkt, datt mir um Niveau vun de Steierrecetten net méi riskéieren dee Boom ze erliewen, dee mir an der Vergaangenheet kannt hunn; wann ee bedenkt, datt all eis Sozialsystemer een ëmmer méi grouse Finanzéierungsbedarf kréien, jo da muss ee sech froen, ob et net de Stat selwer ass, deem haut elo een Intérêt huet, fir géigenzesteieren.

Een Drëttel vun de Reserven, een Drëttel vun de Cotisatiounen kommen aus de Steiere vun de Betriber an de Leit hier. A mir gesinn haut schonn, datt de Stat Problemer huet, fir genuch Steieren eran-zekréien, fir seng Aufgaben ze bezuelen. Iwwerall dréngt Waasser duerch d'Ritze vum Boot eran an den Orchester um Boot spillt weider Musek.

An dofir, Här President, hu mir een dräifachen Intérêt haut, an net muer op d'Brems ze trëppelen an net nach Gas ze ginn: éischstens, weinst deene jonke Leit an de kommende Generatiounen; zweetens, weinst dem Standuert Lëtzebuerg; drëttens, weinst der Finanzcapacitéit vum Stat.

Här President, ech wëll hei net falsch verstane ginn. D'DP huet dee gréisste Respekt virun der Liewensleschtung vun alle Rentner. Si sinn et, déi dëst Land zu deem gemaach hunn, wat et ass. Si sinn et, déi et erlaabt hunn, datt mir esou ee Liewensstandard konnten hei zu Lëtzebuerg opbauen, wéi mer e kennen. Um Rentendësch, deem d'DP aberuff hat a gefouert huet, si jo och deemools d'Hongerrenten endgültig ofgeschafft ginn.

Et ass garantéiert ginn, datt déi Leit, déi 40 Joer cotiséiert hunn, eng Pensioun kréien, déi digne ass. Déi Mesuren huet d'DP mat anere Partner um Rentendësch duerchgesat, well mir als Gesellschaft eng Responsabilitéit hu virun deem, wat gelescht ginn ass.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Dat hu mir duerchgesat, well mir ganz vill Wäert op de Generatiounevertrag leeën a gären



hätten, datt den Effort vun deem, wat gelescht ginn ass, vun all Generatioun à sa juste valeur honoréiert gëtt.

Här President, d'Demokratesch Partei steet zum Generatiounevertrag. Mir stinn och zum Umlageverfahren. Mir stinn derzou, datt et keng Hongerrente méi däerf ginn, déi mir mat Recht um Rentendesch 1 ausgemäert hunn. Mir kënnen eis och méi selektiv Upassungen a Mechanismen am Rentewiese virstellen. Mir wëllen och, datt dat Umlageverfahren weiderhin ergänzt gëtt mat Kapitaldeckungselementer. Mir wëllen héich Rentereserven halen an déi Reserve weiderhi gutt uleeën. Mir wëllen och, datt mir emol genau kucken, ob deen zweeten an den drëtte Piliër déi Effeten haten, déi mer eis virgeholl hunn, a wann néideg Adaptatiounen dorunner virhuelen.

Mir stinn zum Generatiounevertrag, mä am Moment gëtt dëse Vertrag net agehal. Am Moment gëtt dee Vertrag verletzt, well déi Jonk, well déi kommend Generatiounen iwwert d'Mooss riskéieren, be-laascht ze ginn. Och den Ajustement verstärkt dat. D'Rentemauer, vun där de Premier gäre schwätzt, kënnt méi no. Dofir hätte mir gäre fir d'Éischt ee Rentendesch 2, wou mir, ouni Parteipolitik ze maachen, a Rou an onpolemesch kënnen eng national an nohaltig Léisung sichen.

Dir hutt dofir eis Ënnerstützung. An ech weess, datt nach aner Parteien heibanne sinn, déi lech datselwecht soen. Dofir kommt, mir huelen eis Zäit, huelen eng Décisioun, am beschten am Kader vun engem Rentendesch 2, iwwert d'laangfristeg Ofsécherung vun de Renten. A wa mir dann nach sollte Sputt hunn, da kënne mer eis ëmmer nach iwwert d'Rentenerhéijungen hei am Haus ënnerhalen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt der Madame Dall'Agnol Merci soe fir hire Rapport, dee mëndlechen an dee schrëftlechen. An ech wëll och gläich virausschécken, dass déi gréng Fraktioun dësem Projet wäert zoustëmmen.

Mir wäerten em zoustëmmen, well et och en Deel ass vum Spuerpak vun der Regierung. Wuel ginn d'Dépensen an d'Luucht, mä si ginn op zwee Joer verdeelt. De Facteur d'ajustement gëtt op den 1. Januar 2011 ëm 0,013 Punkten erhéicht, an déiselwecht 0,013 Punkten och nach eng Kéier op den 1. Januar 2012. Wat also méi e luest Uwuesse vun den Dépense bedeit, wéi wann de Facteur d'ajustement wéi gewinnt an enger Kéier duerch d'Gesetz ugepasst gi wier.

Dat gesot, Här Minister, wëlt awer och déi gréng Fraktioun kloer ënnersträichen, dass mer der Meenung sinn, dass mer eis am Rentewiese wierklech musse mat enger méi déif goender Reform beschäftegen. An Dir hutt mer gesot, Här Minister, Dir géift de Projet de loi nach am éischte Quartal vun 2011 kënnen an der zoustänneger Kommissioun op den Dësch leeën.

Dat ass och e Grond fir eis als gréng Fraktioun, dësem Projet zoustëmmen, well mer mengen, dass et net wierklech sënnvoll ass, elo nach eng Kéier kuerz virum Ufank vun den Diskussiounen ronderëm e Projet de loi beim Ajustement scho wëlle praktesch d'Rentereform virzezéien. Mä ech wëll awer ënnersträichen, dass mer wierklech der Meenung sinn, dass et bei eisem Rentewiesen eng ganz zolidd Reform brauch.

Mir hunn och als gréng Fraktioun an der viregter Legislatur als eenzeg Fraktioun zu deem Thema eng Interpellatioun hei an der Chamber gemaach, nach virum de Wahlen, fir dorobber hincweisen. Mir sinn natierlech fro, wann et haut zumindest e Konsens doriwwer gëtt, dass Handlungsbedarf besteet.

Wéi eng Elementer ënnert deen Handlungsbedarf wäerte falen, dat musse mer dann an den Diskussiounen kucken. Mir sinn op jidde Fall als gréng Fraktioun bereet, och do en Text mat ze ënnerstëtzen, wann e wierklech probéiert, d'Problemer, déi et am Rentewiese gëtt, seriö unze-

paken, a wa mer net nëmmen e Maquillage maachen, fir e puer Joer méi spéit eréischt un déi richtig Reforme musse ze goen. Well domadder ass kengem geholf, net deenen op jidde Fall, déi an den nächsten 20 Joer d'Rente musse bezuelen.

Eis Rentekeess ass haut natierlech an enger blendender Form mat iwwer zéng Milliarden Reserven. Dat läit awer net dorunner, dass eise Rentensystem strukturell esou gutt opgestallt wier, mä dat läit ganz einfach dorunner, dass mer an de leschten 30 Joer immens vill Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg geschafen hunn, an dass déi Leit natierlech ganz vill Cotisatiounen an d'Pensiounskeese bréngen, ouni schonn op där anerer Säit Leeschtungen ze froen. Déi Leeschtungen wäerten all déi Cotisanten eréischt froen deen Dag, wou se an d'Pensioun ginn. An da gesäit d'Situatioun natierlech anescht aus.

Mir hunn, wéi gesot, an de leschten 20, 30 Joer mat enger Moyenne vun no bei 5% Augmentatioun um Aarbechtsmarché hei zu Lëtzebuerg gelieft. Dat ass en enorm héije Chiffer. An deen erkläert och, firwat dass an de Reserve vun der Pensiounskeess esou vill Suen haut draleien. Mä déi Sue si virtuell och schonn ausginn.

Wéini se konkret ausgi ginn, dat huet d'IGSS eis virgerechent. Dat sinn offiziell Zuele vun den zoustännegen staatleche Plazen hei zu Lëtzebuerg. Ab 2020 wäerte mer eng éischt méi spierbar Well vun Départs à la retraite zu Lëtzebuerg hunn. Dat deet de System nach net kippen. Mir hunn am Moment Cotisatiounen, déi schonn zënter 30 Joer stabil bei 24% leien. Dat ass weltwäit unique. Iwwregens wéi d'Héicht vun eise Rentereserven och weltwäit unique ass; an anere Länner hu se Sputt fir e puer Méint, hei hu mer Sputt fir bal véier Joer mëttlerweil.

Dat ass natierlech eng exzellent Situatioun. Eng exzellent Situatioun, virum allem och, fir Reforme kënnen ze maachen a se iwwer eng länger Zäit kënnen ofzufiedere. Wat grad an dëser Matière an eisen Aen e wesentleche Punkt ass, dass een et net drop ukomme léisst, um Enn an e puer kuerze Joren eng grouss Reform musse ze stäipen. Déi ass aschneidend. Déi géif wéi doen. Déi géifen d'Bezéier vu Pensiounen spieren.

Mir mengen, mat deene Reserven, déi mer hunn, hu mer eigentlech de Sputt fir eng Reform méi laangfristeg unzeleeën an domadder och hir negativ Wirkungen esou ofzufiedere, dass se nëmme ganz weénege spierbar wieren. Et ass och eise Rôle, déi Mesuren esou ze maachen, dass se wierklech déi am mannsten treffen, wou se am meeschten Impakt kéinten hunn, an och éischer do probéieren, eng vernünfteg Léisung ze fannen.

Et muss een och soen, dass hei zu Lëtzebuerg am Moment souguer ze vill, wann een esou wëllt, cotiséiert gëtt. Fir den Équiliber ze hunn hei zu Lëtzebuerg tëschent Recetten an Dépensen op ee Joer gekuckt, bräichte mer net déi dräimol 8% ze bezuelen; et géif duergoen hei am Land zënter enger Rei Joren, wann ee géif 6,5% - am Moment läit dat schonn éischer méi no bei 7 - bezuelen.

Mir hunn also am Moment en Iwwerschoss vu Cotisatiounen par rapport zu de Leeschtungen, déi ausbezuelet ginn. Mä mir mengen awer, dass et gutt war, dass mer d'Cotisatiounen net erofgedréckt hunn, dass mer déi op deem Niveau gehalen hunn, wou se sinn, well mer wëssen, dass, och wann déi Sue kuerzfristeg an der Keess en Iwwerschoss produzéieren, se awer mëttel- a laangfristeg schonn engagéiert sinn an eigentlech schonn ausgi sinn.

Mir musse dofir déi Zuele vun der IGSS eescht huelen. Ab 2020 gëtt et, wéi gesot, eng éischt Well vun Départs à la retraite, déi nach net den Iwwerschoss vu Recette kippen deet. Mä ab dem Joer 2025 prévisiblement hu mer dann déi Situatioun, dass all Joer méi Suen aus der Keess erausginn, wéi der erakommen. Da fänke mer also un, d'Reserven zrëckzufueren. An 2038, de Previsiounen no, wieren dann d'Reserven op null.

Dat mag wäit kléngen... Dat ass vun haut aus gekuckt 28 Joer, mä et muss een awer och oppassen, dass den Ofbau vun de Reserve bal dräimol méi séier geschitt, wéi et noutwendeg war, fir se opzebauen. Dass

mer méi wéi 40 Joer gebraucht hunn, fir déi Reserven opzebauen, an dass mer se an 13 Joer praktesch wäerte komplett verbraucht hunn. Et ass also sécher Handlungsbedarf do, och wann een net wëllt, wéi gesot, an en zäitlechen Enkpass kommen, wou dann d'Reformen an d'Aschnëtter méi gravéierend géife ginn.

Wat een och muss ënnersträichen, dat ass, wéi gesot, dass d'Rentecotisatiounen schonn 30 Joer laang stabil si bei de 24%, dass mer an darselwechter Zäit iwwer eng Rei Gesetzer awer d'Leeschtungen drastesch eropgeschrauft hunn. An all déi Leeschtungen, déi zënter Mëtt de 70er Joren am Rentensystem agefouert gi sinn, sinn, wann een éierlech ass, alleguerten net duerch Cotisatiounen géigefinanziert.

Den Écart tëschent Cotisatiounen a Leeschtungen, dee Mëtt de 70er Joren ongeféier do war... An Zäiten, wou et der Lëtzebuerger Economie schlecht gaangen ass, war eise Rentensystem strukturell am Fong besser opgestallt wéi haut, nodeems mer méi wéi 30 Joer laang en enorme Wuessum zu Lëtzebuerg kannt hunn, wou mer ganz vill Sue verfügbar haten, fir och eise Rentensystem strukturell lafend unzepassen, dass e wierklech gutt a gesond dosteet.

Mä déi paradox Situatioun ass, dass mer haut zu Lëtzebuerg no esou laangem intensive Wuessum e Rentensystem hunn, dee strukturell manner gutt opgestallt ass wéi dat, wat nach Mëtt de 70er an ufanks den 80er Joren am Rentensystem war. Do hu mer also sécher alleguerten net gutt geschafft.

Déi successiv Regierungen hu praktesch alleguerten ausnahmslos Leeschtungen iwwer Gesetzer agefouert, déi natierlech jiddweree gären hëlt; bien entendu ass een net béis, wann een a senger Rent méi Leeschtungen kritt. Mä all déi successiv Regierungen hu Leeschtungen agefouert, déi net duerch eng Upassung vun de Cotisatiounen oder vun anere Parametere géigefinanziert waren.

An haut si mer dann an där Situatioun, dass mer eis eng Kéier ganz eeschtaft erëm mat der Fro musse beschäftegen, dass dat, wat u Recetten an de System erakënn, an en aneren Équiliber muss bruecht gi mat deem, wat aus dem System erausgeet. Well ënnert dem Stréch ass de Rentensystem Mathematik. Et däerf insgesamt net méi erausgoe wéi erakënn.

An dovunner si mer am Moment leider wäit ewech. Mir wäerten hoffentlech elo séier da mat deene Reformen ufänken, well dat erlaabt et, déi ofzufiedere a se, wéi gesot, net ze vill heftig an hire Wirkungen ze maachen.

Den Ajustement, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass ee vun deene Punkten, wou mir als Gréng mengen, dass een dee seriö muss diskutéieren am Kader vun der ustehender Rentereform. Verschide Kollege si virdru schonn drop agaangen. Den Ajustement ass en Instrument, wat eng Upassung mécht vun de Renten un d'Entwécklung vun de reale Léin.

Et ass eng Upassung, fir déi u sech net cotiséiert ginn ass. Wann een an d'Pensioun geet, kritt een eng Héichrechnung gemaach vu senge Cotisatiounen, inflatiounsberengegt op den Dag vum Départ an d'Pensioun, an déi ginn dann och indexéiert, fir d'Kaffkraaft ze erhalen, iwwert de Mechanismus vum Ajustement, deen net iwwer Cotisatiounen gedeckt gëtt.

Et ass eigentlech, wann et richtig géif gemaach ginn, eng Leeschtung, déi aus dem Budget misst finanziert ginn, well dat dann e bewosste politesche Choix wier, fir ze soen: Mir wëllen, dass d'Rente Schrëtt hale mat der Entwécklung. Mä mir sinn, wa mer et ganz éierlech kucken, beim Ajustement, deen zwar iwwert d'Pensiounskeese bezuelet gëtt, net an enger Assurancëlogik. D'Assurancëlogik dierft u sech nëmme spille fir d'Pensioun, well ee sech do wierklech Rechter keeft. An dat hale mir awer fir dee richtige Wee, dass ee sech an engem Assurancësystem beweegt, well mer mengen, dass dat de Leit och Rechter gëtt; Rechter, déi net kënne vu variabele Majoritéiten am Parlament an an der Regierung a Fro gestallt ginn.

Soulaang et iwwert de Budget bezuelet gëtt, ass natierlech all Parlament an all Regierung all Joers fräi, dee Budget anescht ze gestalten an anescht ze bezuelen,

während an engem Assurancësystem huet ee besser Garantien. An déi laangfristeg Ofsécherung, déi jiddweree fir sech a fir seng Famill wënscht, mengen ech, ass besser opgehuewen an engem System, wou et ëm d'Kafe vu Rechter geet, éischer, wéi an engem System, wou de Budget all Joers mat schwankende Majoritéite géif festleeën, wat dann dat Joer - ech hat bal gesot: gnädegerweis - géif ausgeschott ginn.

Duerfir menge mer, dass mer och iwwert den Ajustement seriö musse diskutéieren. A mir musse och, mengen ech, Nuancë maache bei esou Zousazleeschtungen, well och dat ass eng Kritik, déi een um Ajustement kann ubréngen. Vu dass et näischt ass, wat eigentlech ucotiséiert ass, muss een och do feststellen, dass et eng sozial Leeschtung ass, déi ouni Nuancen zu Lëtzebuerg - soe mer ëmmer - mat der Strenz gemaach gëtt, onofhängeg vun der Situatioun vun de Revenuë vun de Leit. An duerfir menge mer, dass een déi Diskussioun do och soll kritisches féieren am Intérêt vun de Pensiounskeesen, am Intérêt vum Rentensystem.

Duerfir wëll ech als Spriecher vun der grénger Fraktioun nach eng Kéier ënnersträichen, dass mir déi Reform wëllen, well mer d'Émlageverfahre wëllen halen. Mir stinn zum Émlageverfahren als deem richtigen, dem beschte System, fir Renten ze organiséieren. Mir mengen, dass et dee System ass, deen d'Solidaritéit tëschent de Generatiounen organiséiert, dass et deen ass, deen derwäert ass verteidegt ze ginn.

Mir hätten eis gewënscht, Här Minister, dass mer déi laangfristeg finanziell Ofsécherung scho vill méi fréi diskutéiert hätten. Et gouf e Rentendesch 1 am Joer 2001. Deen huet den deemolege Minister, wéi all seng Virgänger, de Rentensystem Sue kascht. Do si Leeschtungen agefouert gi bei bleiwende Cotisatiounen vun dräimol 8%. Do si vill Leeschtungen agefouert ginn. An déi gréng Fraktioun huet um Owend vum Rentendesch 1 schonn e Brëf geschriwwen, fir ze soen, mir hätten elo gären e Rentendesch 2, wou mer eis mat der laangfristeger Finanzéierung ofgi vun deem Pak, dee mer am Rentendesch ficeléiert hunn, an och mat der Finanzéierung vun all deene Leeschtungen, déi an deene Jore virdru, zënter Mëtt de 70er Joren, och agefouert gi si vun de successiven Regierungen.

Dat ass deemools refuséiert ginn. Et ass deemools gemengt ginn...

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här Braz, Dir stount komplett eleng do. Dat muss ech och soen.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Wéi sot Der, Här Wagner?

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Dir stount komplett eleng do mat Ärer Meenung.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Majo, duerfir soen ech et jo, well Dir waart Minister an Dir hutt eis net dobäi geholf.

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Dat war wahrscheinlech, fir direkt nees alleguerten déi Acquisé vum Rentendesch 1 ofzeschaffen, oder wéi?

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Duerfir, Här Wagner, soen ech et jo hei nach eng Kéier. Mir waren effektiv eleng. Well Dir hutt eis och als deemolege Sozialminister net ënnerstëtzt. Duerfir hu mer ganz gären héieren, wou Der gëschter gesot hutt, Dir géift lech e Rentendesch 2 wënschen. Dat huet eis als gréng Fraktioun méi jonk gemaach. A mir hunn och gëschter gemengt, dass e spéide Support fir eise Virschlag nach ëmmer besser ass wéi guer kee Support. Well mir scho méi laang mengen, wéi Dir och elo - an dat freet eis -, dass ee sech am Kader vun engem Rentendesch 2 sollt mat där Fro hei beschäftegen.

Dat ass deemools net gewollt ginn. Och an de leschte Joren net. Do ass um Niveau vun der Regierung mat hire Beamten, mat hire Sozialpartner driwwer diskutéiert ginn. D'Parlament ass, contrairement zum Rentendesch 1, net associéiert ginn.



Elo gi mer awer dann associéiert, well eben de Projet de loi an d'Chamber kënnt. An et ass dann och elo um Parlament, fir seng Verantwortung ze iwwerhuelen. Mir wäerten, wéi gesot, dësen Ajustement nach stëmmen, well déi Reform elo virun der Dier steet.

Mä ech soe ganz däitlech, den Ajustement ass net deen eenzeg, mä et ass ee vun deene Punkten, iwwert déi seriö muss diskutéiert ginn, wa mer wëllen eise Rentensystem esou organiséieren, dass déi, déi haut schaffen, och sécher Rente kënnen an Aussicht hunn; Renten, déi op engem seriöen Niveau bleiwen; Renten, déi gerecht bleiwen. All déi, déi net wëllen un deene grouss Schrauwen dréie goen, dat sinn déi, déi d'Verantwortung dofir iwwerhuelen, dass mer där nächster Generatioun e vill méi schwéier ze léisende Problem hannerloossen - méi schwéier, wéi en haut schonn ass. An dat wëlle mir als gréng Fraktioun verhenneren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eis aus e Merci un d'Kolleegin Claudia Dall'Agnol fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass am Fong all zwee Joer viru Chrëschttag den Zäitpunkt komm, wou mer heibannen an der Chamber diskutéieren iwwert den Ajustement vun de Renten an de Pensionen, a parallell dozou, an dat maache mer da muer, och iwwert d'Augmentatioun vum Mindestloun.

Et ass dat e Ritual, deen all zwee Joer stattfënnt, mä wat e wichtege ass, datt hei och d'Renten an d'Pensionen, souwuel aus dem private wéi dem öffentliche Secteur, un d'Lounentwécklung vun deene leschten zwee Joer ugepast ginn. D'Regierung mécht dofir e Rapport. Et gëtt eng Etüd gemaach. An doraus huet sech dann erginn, datt dës Kéier 1,9% geschëllt sinn. Dat heescht an anere Wieder bei deenen Aktiven, déi hunn déi 1,9% scho bäigesat kritt, an dat hei ass nodréiglech, wou elo d'Rentner déi 1,9% bäigesat kréien.

2006 huet d'Regierung proposéiert an enger éischter Kéier, fir de Rentenajustement ze splitten iwwer zwee Joer fir 2007 an 2008, an datselwecht gëtt och an dëser Proposition de loi gemaach, wou den Ajustement erëm gesplitt gëtt op 0,95% op den 1. Januar 2011 an 0,95% op den 1. Januar 2012. D'Erspuernisser, déi hei gemaach ginn, dat si fir den allgemenge Regime, de Privatséktor, ongeféier 30 Milliounen, a fir den öffentliche Secteur fënnf Milliounen. Et sinn also déi Suen, déi gespuert ginn. An doduerjer ass am Fong vun der...

(**Interruption**)

Op ee Joer! Op ee Joer! Fir ee Joer, fir ee Joer. Dat ass ganz richtig. Fir ee Joer.

D'Finanzsituatioun: Bei de Pensionsekeenen am Privatséktor leie mer elo op ongeféier zéng Milliarden. Dat sinn 3,6-bis 3,7-mol d'Joresdépenden, also eng enorm grouss Deckungsperiod. An der Fonctioun publique hu mer keng Reserven. Déi ginn am Prinzip all Joers aus dem Statsbudget eraus finanzéiert. An et ass dëser Deeg bei de Budgetsdebatte gesot ginn, datt déi Pensionen ongeféier 500 Milliounen d'Joer kaschten an datt duerch déi Cotisatiounen, déi do bezuelt ginn, ongeféier 20 bis 25% iwwert dee Wee gedeckt gi sinn.

Mir maachen eis alleguerte selbstverständlech Suergen iwwert déi laangfristeg Ofsecherung vun eise Pensionen. An ech wëll drun erënneren, datt an eisem Gesetz soss stoung - vum allgemenge Regime -, datt mer e Minimum vu Reserve missten hale vun 1,5-mol d'Joresdépenden. An am Gesetz stoung, datt et e Maximum wier vun 2,5-mol d'Joresdépenden. Dat heescht also, eis Virgänger, déi waren éischter der Meinung, datt een dee Maximum misst

iergendwéi plafonnéieren. A wéi déi Jore komm sinn, wéi mer un déi 2,5 komm sinn an du souguer iwwert déi 2,5 komm sinn, hätt mer am Fong, wa mer d'Gesetz hätt respektéiere wëllen deemools, entweder d'Leeschungen héijen oder d'Cotisatiounen senke sollen. Mä et ass dat eenzeg Richteg deemools gemaach ginn: De Plaffong ass einfach aus dem Gesetz erausgeholl ginn. An esou sinn dann elo eben d'Reserven ugewuess, wéi gesot op zéng Milliarden, wat 3,6-mol d'Joer ausmécht.

Dat heescht, déi 1,5-mol d'Joresdépenden, déi stinn awer nach am Gesetz. Et ass also, wa mer eis an Zukunft un d'Gesetz halen, an dat schéngt mir awer eng Normalitéit ze sinn, kënnen mer am Fong ni op eng Null-Situatioun kommen, well et eng Obligatioun am Gesetz ass, datt de Gesetzgeber keng Moossnamen däerf huelen, déi d'Reserven ënner 1,5-mol d'Joresdépende fale loosse. Do besteet also eng Barrière. Et besteet eng Obligatioun vis-à-vis vun der Politik, dass se nëmmen do kann Décisiounen huelen, déi net kënnen d'Reserven ënner 1,5-mol d'Joresdépende fale loosse.

Déi heiteg Moossnam, déi elo haut hei proposéiert gëtt, déi kann een am Fong net an de Kontext setzen, datt ee seet, dat ass fir eng laangfristeg Ofsecherung vum Rentensystem. Et ass eng eemoleg Léisung. Et ass also och eng punktuell Moossnam, déi sech just op ee Joer gravéiert. Dat heescht, déi bréngt de Pensionsekeenen am Privatséktor eng Erspuernis vun 30 Milliounen a se bréngt dem Statsbudget eng Erspuernis vu fënnf Milliounen an engem Joer. An dat Joer duerno gëtt den Ajustement ganz spille gelooss. An da sinn also keng Erspuernisser méi heirobber zrëckzeféieren.

Duerfir ass et falsch, fir elo ze soen, datt dat heiten am Fong eng Moossnam ass, déi eng laangfristeg Ofsecherung vun de Pensionsekeese géif bewierken. Et ass keng nohalteg Moossnam; et ass eng kuerzfristeg; et ass eng eemoleg Moossnam.

An duerfir, Här President, si mir och als ADR dergéint, datt hei dës Kéier erëm eng Kéier d'Pensioun gesplitt ginn. Mir sinn der Meinung, datt Reserve genuch do sinn am Privatséktor, fir kënnen deen Ajustement integral ze bezuelen. A mir sinn och der Meinung opgrond vun de Statsfinanzen, déi jo awer besser si ginn, an dat hunn ech och d'lescht Woch hei schonn am Zesummenhang mat der Mammerent gesot, wou den Alter vu 60 op 65 Joer eropgesat ginn ass, fir 1,5 Milliounen an engem Joer ze spueren. Hei spueren mer bei de Pensiounen vun de Fonctionnaire fënnf Milliounen an engem Joer.

Also, wann de Stat dorunner Faillite geet, dann ass dat heiten en Zeechen, datt d'Finanzsituatioun vum Lëtzeburger Stat awer vill méi dramatesch schlecht ass, wéi dat vun de Majoritéitspartei gemaach gëtt, wann hei scho muss un de Mammerente gespuert ginn a wann um Ajustement vun de Pensionäre muss gespuert ginn. An duerfir hunn och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre des Salariés sech do dergéint ausgeschwat.

Ech war der Meinung, Här President, wéi ech de Mëtteg hei an d'Chamber komm sinn, ech hunn esou vill Gewerkschaftler hei virun der Dier gesi stoe vum OGB-L, vum LCGB, vun dem Landesverband, vun der Syprolux, an ech hunn e ganze Koup Gewerkschaftskolleegen, déi heibanne Politiker sinn, dohinner lafen an do d'Hand drécke gesinn, du war ech der Meinung, si géifen zu deene soen: „Hei, mir maachen de Mëtteg dat, wat mir als Gewerkschaften decidéiert hunn, a mir stëmme géint dat Gesetz, well mir hätt gäre wéi den OGB-L, wéi den LCGB, wéi de Landesverband, wéi d'Syprolux, wéi d'CGFP, mir hätt gären dee ganzen Ajustement.“

Mä mir hunn dat jo schonn an der Vergaangenheet heibanne matgemaach, datt virun der Dier d'Gewerkschaften stoungen ze manifestéieren, an heibannen an der Chamber sinn d'Gewerkschaftspolitiker hire Kolleegen virun der Dier an de Réck gefall a si hunn am Fong dergéint gestëmmt, wat si dobaussen an an hire Gewerkschaften an op hire Kongresser, op hiren Éischt-Mee-Meetingen an an de Chambres professionnelles verlaangt hunn. Mä ech hunn dat och schonn d'lescht Woch hei bei der Mammerent gesot: Dat

ass awer fir si alleguerte kee Problem. Den 1. Mee sti se erëm alleguerten an der éischter Rei a klappen erëm voll an d'Hänn, wann erëm Fuerderungen opgestallt ginn. Och den Här Kaes laacht dohannen.

(**Interruption**)

Här Kaes, ech weess net, ob déi Leit am LCGB, déi Memberen, déi eng Cotisatioun bezuelen, fir lech als Gewerkschaftler eng Pai ze bezuelen, ob déi frou sinn, wann Der als Politiker heibanne géint hir Interesse stëmmt. Gitt vläicht eng Kéier op den 1. Mee, da laacht Der hinnen do an d'Gesicht, am plaz datt Der elo hei an der Chamber laacht praktesch...

(**Hilarité**)

...dann iwwert déi Situatioun, déi déi Leit hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä ech wëll awer och dës Kéier, muss ech zu de Kolleeginnen an de Kolleegen vun der DP hei ee Wuert verléieren. Ech muss e Wuert verléieren.

(**Interruption**)

Ech ka mech erënneren, 1999, wéi mer déi grouss Reformen am Pensionswiese gemaach hunn, wéi mer den Eenheitsregime praktesch agefouert hunn, 1999 war d'Demokratesch Partei déi, déi als eenzeg Partei deemools Stuerm dergéint gelaf ass an déi Moossnamen net matgedroen huet, déi am Fong eng laangfristeg Finanzéierung gemaach hunn, déi d'Statsfinanze laangfristeg entlaascht hunn, du war d'DP déi eenzeg, déi do net matmarschéiert ass. Et war d'DP och déi eenzeg, déi dunnt an d'Wahle gaangen ass an an hirem Fuerderungskatalog verlaangt huet, datt d'Fënnf-Sechstel-Pensioun an der Fonctioun publique erëm misst agefouert ginn. Si hunn domadder e grouss Wahlsuccès gehat. Si sinn an d'Regierung komm a si hunn ni méi vun der Aféierung vun der Fënnf-Sechstel-Pensioun geschwat nach eppes dofir gemaach.

► **Une voix.**- Si sinn dach guer net méi an der Regierung.

► **Une autre voix.**- Haut!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- An, Här President, déi Partei also, déi '99 an d'Wahle gaangen ass a gesot huet, de Fënnf-Sechstel-Regime muss erëm agefouert ginn hei zu Lëtzebuerg, déi Partei ass haut emol net méi derfir, datt déi Pensionen, déi jo da méi kuerz gi sinn, iwwerhaupt en Ajustement kréien. Si si souguer dergéint, datt se nach en hallwen Ajustement kréien. Also, si sinn also derfir, datt se guer näischt méi kréien. Dat muss d'Demokratesch Partei dann deenen erklären.

(**Interruption**)

An ech hu gëschter an der Zeitung kënnen feststellen, datt souwuel den Här Etgen wéi den Här Bauler bei der CGFP op der viregter Konferenz an der éischter Rei dosouzen.

(**Hilarité**)

Ech huelen un, datt si dohinner waren, fir och deenen ze soen: „Hei ass d'DP mat enger klorer Linn. Mir sinn dergéint. Dergéint, datt Der eng Indexbranche kritt. A mir sinn och dergéint, datt Der en Ajustement kritt.“

Dat heescht, wann d'DP sech duerchgesat hätt, dann hätten d'Pensionären an der Fonctioun publique vum 1. Januar un 2,5% manner Index an och nach 1,9% manner Ajustement, dann hätt se 4,4% manner an der Pai. Ech mengen, dat sollt een emol eng Kéier kloer soen, wéi der DP hir Positioun hei ass a wéi se war, fir datt...

(**Interruption**)

► **M. le Président.**- Erlaabt Der, datt d'Madame Polfer lech eng Fro stellt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech war esou gutt getimt. Net, datt Der elo zu mir sot, meng zéng Minutte wären eriwwer.

► **M. le Président.**- Neen, d'Madame Polfer...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da kann d'Madame Polfer och zwou Froe stellen.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Ech soen et herno.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Neen, et ass elo an der Rei. Seng Zäit ass souwisou ofgelaf.

► **M. le Président.**- Madame Polfer, da stellt elo Är Fro!

► **Une voix.**- Stellt roueg Är Fro!

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Jo, ech wonnere mech, datt den Här Gibéryen - en huet jo awer soss e gutt Gediechtnis -, datt e sech net méi kann drun erënneren, wéi déi Tables rondes virun de Wahle vun '99 gelaf sinn! Well do ware mer zesummen. Ech ka mech op alle Fall nach drun erënneren, a kuckt se roueg no. Kuckt se alleguerte roueg no! Mir sinn '99 net an d'Wahle gaangen, andeem mer gesot hunn, wa mir an d'Regierung kommen, da gëtt dat do réckgäenge gemaach.

(**Hilarité et interruption**)

Mä kuckt et all no!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'DP ass an d'Wahle gaangen...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Här Gibéryen, loosst mech wann ech gelift fäerdeg schwätzen! Mir hunn...

► **M. le Président.**- Madame Polfer, Dir sollt zwar eng Fro stellen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'Fro ass gestallt. Ech hu se beäntwert, schonn ier Der se gestallt hat.

(**Hilarité**)

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Ech hu gefrot, ob Der lech net méi drun erënnert. Well mir hunn '99 dénoncéiert, a wirklech ganz iwwerzeegt, datt déi Manéier, wéi dat gemaach ginn ass, net richtig war.

Dir wësst et ganz genau.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dir sidd an d'Wahle gaangen, Madame Polfer,...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Dir wësst et ganz gutt. An Dir a mir wëssen, datt Der Ar Gesetz nëmme kënnt änneren, wann Der e Partner hutt,...

► **M. le Président.**- Madame Polfer, Dir sollt eng Fro stellen!

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- ...deen dat mat lech mécht.

► **M. le Président.**- Dir wollt eng Fro stellen.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Dat wësse mir. Ech wollt den Här Gibéryen drun erënneren, firwat datt en hei eppes seet, wou e weess, datt et net wouer ass.

► **Une voix.**- Et ass net fir d'Éischt!

(**Brouhaha général**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass net fir d'Éischt. Et ass net fir d'Éischt, datt d'DP versicht, d'Kéier ze kréien! Op jidde Fall, ech mengen...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Neen.

► **Une voix.**- Et ass net fir d'Éischt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech mengen, d'ganz Fonctioun publique an och jiddwereen heibanne weess,...

(**Brouhaha général**)

...datt d'DP an d'Wahle gaangen ass mat dem Versprechen, d'Fënnf-Sechstel-Pensioun erëm anzeféieren. An Dir hutt lech deemools dergéint gewiert, datt et geännert ginn ass. An haut, an dat ass och eng Tatsaach, déi kënnt Der muer erëm anescht...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- ...kee Partner, fir dat ze maachen.

► **Une voix.**- No vir, no hannen, no riets, no lénks!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...an Dir sidd dergéint, datt déi Leit sollen den Ajustement kréien. Och dat wäert elo falsch sinn. Hutt dach de Courage...

(**Interruption**)

Här Bettel, Här Bettel, hutt dach de Courage a stitt zu deem, wat Der sot!

(**Interruptions diverses**)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- De Wieler ka sech erënneren. De Wieler ka sech besser erënnere wéi Dir.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op jidde Fall, d'ADR ass der Meinung an der Iwwerzeugung, datt deen Ajustement hei hätt ganz missen ausbezuelen ginn. A wa mer gären eng Kéier eppes änneren, da solle



mer dat um System änneren. Awer soulaang wéi de System net geännert ass, soll den Ajustement esou geschëllt ginn. Déi Aktiv hunn déi Augmentatioun kritt. An dat hei ass nodréiglech eng Augmentatioun fir d’Pensionären, déi déi Aktiv scho kritt hunn. An duerfir hätte mir gären de ganzen Ajustement.

An duerfir kënnen mir dësem Gesetz net zoustëmmen. Mir stëmmen och net dergéint. Mä mir enthalen eis duerfir bei dësem Vote.

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Elo kritt d’Wuert den Här André Hoffmann. Här Hoffmann, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Kee Courage! Déck Schnëss an näischt derhannert.

(Interruptions)

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Nach eng Enthalung.

► **Une voix.**- Den Här Bettel héiert net méi esou gutt.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, gëschter ware mer bei de Patienten, déi 20 Milliounen Euro méi musse berappen. Haut si mer bei de Renten, deene mer 30 Milliounen sträichen, 30 Milliounen eleng am Privatsektor. Ech betounen: sträichen. Well an där Logik vum Ajustementsgesetz, sou wéi den Här Paul-Henri Meyers dat hei richteg erkläert huet, an där Logik hätte mir haut missen en Ajustement stëmmen vun 1,9%. Well dat wär d’Upassung gewiescht un d’Entwécklung am Lounsektor insgesamt.

Déi Logik, déi derhannert steet, déi besteet jo doranner, wéi den Här Meyers et gesot huet, dass och d’Rentner un dem allgemenge Wuelstandswuesstum adequat deelhuefen an dass net en Ausenanderdrift geschitt tëschent de Rentner op där enger Säit an deenen Aktiven op där anerer Säit.

Dass d’Regierung am Ufank wollt, wéi se an déi éischt Tripartiten eramarschéiert ass - well esou muss een et jo bal nennen -, wéi se an déi éischt Tripartiten eramarschéiert ass, ganz wollt aussetzen en Ajustement bis 2014, dat erënnere mer eis zwar nach. Dat ass awer keen Trouscht. Well dee Kompromëss, deen dann do tëschent de Koalitionspartner erauskomm ass, dee bedeit awer nach eng Kéier de Verloscht vun 30 Milliounen Euro fir dëst Joer an - dat muss een awer dann nach eng Kéier kloer soen - déi se d’nächst Joer och net erëmkreien! Dat heescht, déi 30 Milliounen, déi si fort.

Mir hunn haut net eng Diskussioun - menger Meenung no net, souwisou hätt ech keng Zäit - iwwert d’Renteproblematik am Allgemengen. Fir mech ass just dat hei e bedenklecht Signal, awer an engem anere Sënn, wéi verschidde Virriedner dat hei gesot hunn. Dat hei ass e Signal fir mech an eng Richtung: „Stellt Iech emol drop an, dass et an Zukunft, wa mer un de Rentensystem ginn, dass et an Zukunft Aschnëtter gëtt, ausser Der schafft méi laang.“ An dat ass e Signal, och vun der Signalwierkung hier, wat ech net kann akzeptéieren.

Da weess ech net, wat hei sech ze iergeren ass, wann ee seet Abstentioun, well dat ass eigentlech ganz einfach ze begrënnen. Ech si selbstverständlech derfir, dass déi Leit elo deen hallwen Ajustement kréien. Ech sinn awer dergéint, datt se nëmmen den hallwe kréien. Da bleift mir näischt anescht iwwreg an deem dote Fall wéi eng Abstentioun. Ech bedauern. Also, ech bedauern net d’Abstentioun, mä et bleift mir näischt anescht iwwreg wéi Abstentioun.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d’Wuert den Här Sozialminister Mars Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech d’Positioun vun der liberaler Partei kucken, déi den Ajustement ganz wéilt sträichen, an op där anerer Säit d’Positioun vum Här Hoffmann gesinn, deen den Ajustement ganz, an enger Kéier wéilt ausbezuelen, idem d’Positioun vun der ADR, da steet d’Regierung an der Mëtt.

A si plädéiert derfir,...

(Interruption)

► **Une voix.**- An der Mëtt sinn der vill, et ass keng Plaz!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- ... wéi dat vun hir proposéiert ginn ass, fir zwar en Ajustement ausbezuelen, mä en an zwou Halschechten opzedeele, déi eng Halschecht 2011 an déi zweet Halschecht 2012, well opgrond vun där Situatioun, déi mer an deene leschten zwéi Joer kannt hunn, et ubruecht ass, d’Laaschte vun deene gesamte Problemer, mat deene mer konfrontéiert waren, équilibréiert ze verdeelen.

Nu kann een a Fro stellen, ob iwwerhaupt en Ajustement fäleg gewiescht wär. D’Regierung huet sech an deem dote Sënn un d’Gesetz gehalen, wouno se all zwéi Joer ze präiwen huet, opgrond vun de Ressourcen vun de Keesen an opgrond vun der Lounentwécklung, ob et ubruecht ass, fir en Ajustement ausbezuelen.

Opgrond vun deene Berechnungen, déi vun der IGSS gemaach gi sinn iwwert d’Lounentwécklung, ass erauskomm, dass déi Lounentwécklung beim Stonneloun bei 1,9% an deene viregten zwéi Joer war.

Wann een d’GesamtLounentwécklung geholl hätt, wéi Einzelner haut nach mengen, dass dat richteg wär, da wär esou eng Progressioun mat Sécherheet net erauskomm, mä de Modell, deen an de leschte Joren ugewannt ginn ass, bezitt sech op d’Lounentwécklung um Stonneloun, an do ass déi doten Entwécklung vun 1,9% erauskomm.

Also, deen éischte Parameter, fir ze decidéieren, ob Rentenajustement an Ajustement vun den Onfallrente noutwendeg wären, ass ginn.

Deen zweete Parameter, dat ass dee vun de Ressourcë vun de Pensiounskeesen. An och do, wann een déi lescht Entwécklung kuckt, mengen ech, wann een dat elo op den Dag kuckt, op haut kuckt, net op d’Entwécklung vun deenen nächste fënnf, zéng, 15 oder 20 Joer, da muss e feststellen, dass Enn Dezember vun dësem Joer d’Reserve vun de private Pensiounskeese bei 10,5 Milliarde leien, wat 3,7-mol d’Joresausgaben ausmécht, an d’Reserven an de Joren 2008, 2009 an 2010 ëm duerschnëttlech 850 Milliounen gewuess sinn.

Dat ass méiglech doduerch, dass mer Cotisatiounen hunn, déi eigentlech méi héich si wéi dat, wat ee misst hunn, wann een d’Rente vun der Hand an de Mond géif finanzéieren. Et geet awer och dorop zrëck, dass de Stat zu engem Drëttel an dem Finanzement intervenéiert.

Wann een also emol e Grujelzeenario géif huelen, wou de Stat net méi Partner wär, da géif et net nëmme keng Reservebildung ginn, mä da wärem mer elo schonn am Negativen. An ech wëll dat widderhuelen, wat ech gëschter scho gesot hunn, zu der Gesondheitsreform: Mir sinn an der Sécurité sociale, wa mer deen Niveau wëllen annähernd halen, dee mer haut hunn, op e staarke Stat an e staarken Engagement vum Stat ugewisen. An duerfir ass et net aberrant, wann een zesumme probéiert, fir d’Statsfinanzen am Équiliber ze halen, well wann déi d’Baach erfoginn, dann ass den Engagement vum Stat an der Sécurité sociale och ganz staark hypothéquéiert.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir och op deen een oder anere wichtige Parameter anzegoen, dee sech och an deene leschte Méint a Joren entwéckelt huet.

Bei der Proportioun tëschent Aktiven a Pensionéierten hu mer eng Stabilitéit. Op ee Pensionéierten am Privatsektor kommen nach wéi vor 2,5 Aktiver. Dat ass an der Rei, dat ass besser wéi vill vun eisen Nopeschlänner, mä mir wëssen awer, dass dat iergendeng Kéier wäert kippen. Déi vill Aktiv vun haut sinn déi vill Pensionéiert vu muer, a wa mer déi vill Aktiv vun haut an der Pensioun hunn, da kippt deen doten Équiliber, an da riskéiere mer relativ schnell op e Ratio ze komme vun zwéi zu eent, annerhallwem zu eent an, an, an. An da fänkt et un, e bësse méi problematesch ze ginn.

Deen anere Parameter, dee wichteg ass, dat ass d’Prime de répartition pure, fir dat an einfache Wieder nach eng Kéier ze

deklinéieren. D’Prime de répartition pure, dat ass dee Cotisatiounstaux, deen ee brauch, fir d’Joresausgabe vun engem Joer kënnen ze droen. Do hu mer an deene leschte Joren eng Evolutioun. Dee beschten Taux, dee mer do haten, dat war 19%. Dat heescht, 19% Bäitrag wären duergaang, fir d’Joresausgaben am Privatsektor ze decken. Haut läit deen dote Prozentsaz bei 21%, dat heescht den Delta tëschent deene Cotisatiounen, déi mer eranhuelen, läit net méi bei 5% - 19 vis-à-vis vu 24 -, mä e läit nach bei 3%.

Dat heescht, mir huelen haut 3% méi Cotisatiounen eran, wéi mer eigentlech géife brauchen, fir de Regime ze finanzéieren. An déi 3%, déi ginn an d’Reserv. An do sinn déi dräi Partner, déi deele sech déi 3% bridderlech oder schwësterlech op. Et muss een also gesinn, dass dat Verhältnis sech verschlechtert huet. Dat soll een net verschweigen.

Wann een awer ënnert dem Stréch d’Situatioun vun de private Pensiounskeese gesäit - nach eng Kéier gesot: op den Datum vun haut -, da sinn déi Ressourcen do, fir kënnen den Ajustement ze bezuelen. Et wär och duergaangen, fir den Ajustement ganz ze bezuelen, mä, ech mengen, an deenen Diskussiounen, déi mer um ekonomesche Plang haten, an och deenen Diskussiounen, déi ufäleg sinn iwwert d’Reform vun de Pensiounen, ass et räsonabel, dass een en Deel op d’Säit geluecht huet.

De Stat spuert e bësse bei där heiten Operatioun. Et ass virdru gesot ginn: Ee Joer spuert e fënnf Milliounen bei de Pensiounen vun der Fonction publique. D’Pensiounskeess spuert 30 Milliounen, an d’Assurance accident spuert 1,4 Milliounen - eemol, also während engem Joer. Dat Joer drop ass déi ganz Rechnung ze bezuelen. Dat ass also d’Argumentatioun, firwat dass mer den Ajustement gedeelt hunn.

Ech muss soen, ech sinn aus dem Staunen net erauskomm, wéi déi liberal Partei deklaréiert huet, dass si aus politeschen Ursachen, bewusst, fir en Zeechen ze setzen, deen heiten Ajustement net géif stëmmen.

An ech sinn iwwerrascht virun allem iwwert d’Argumentatioun. Deen heiten Ajustement kascht, wann en am Rythme de croisière ass, knapp 60 Milliounen. Dat ass net weëneg.

► **Une voix.**- Et ass näischt!

(Interruptions)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Et ass e Lycée.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dat ass net weëneg. Dat ass net weëneg. Mä virun, dat war gëschter, viru siwen, acht Joer,...

(Interruption)

...viru siwen, acht Joer ware liberal Politiker, a si klappe sech haut nach op d’Schëller, niewent aneren, responsabel, mat responsabel, oder haten de Mérite - wéi een dat wëllt ausdrécken - fir de Rentendësch. De Rentendësch, deen huet d’Pensiounskeess an de Stat, zënter dass d’Resultat virläit, knapp zwou Milliarden Euro kascht. Knapp zwou Milliarden Euro kascht, wann een alles, wat um Rentendësch decidéiert ginn ass, mat eranhëlt. Deen een Deel, deen ass iwwert d’Pensiounskeese finanzéiert ginn. Deen aneren Deel geet iwwert de Statsbudget. Mä dat ass de Käschtepunkt vum Rentendësch, wou jiddwereen,...

(Interruption)

...wou jiddweree seng Verantwortung iwwerhëlt, mä wou déi, déi deemools hir Verantwortung, wou en Deel vun deenen, déi deemools hir Verantwortung iwwerholl hunn, och elo Verantwortung iwwerhuele fir de Rentenajustement. An een Deel vun deenen, déi deemools mat rouegem Gewëssen de Rentendësch cautionnéiert hunn, soen: „D’Situatioun ass net méi gutt genuch, fir kënnen en Ajustement ze bezuelen.“

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här Di Bartolomeo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dat géif ech jo och nach...

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här Di Bartolomeo!

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dat géif ech jo och nach...

Neen, ech fueren elo a mengem Rasonnement weider, ech fueren elo a mengem...

Här President!

► **M. le Président.**- Här Wagner, lauschtert elo dem Här Minister no! Dir kënnt herno nach d’Wuert ergräifen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Den Här Wagner huet Intérêt, mer nozelauschteren.

(Interruptions)

En huet Intérêt, mer nozelauschteren, well ech den Här Wagner a seng Partei elo bei engem Wahlbedruch entlarven. Engem Wahlbedruch entlarven!

(Brouhaha général)

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Mäi Gott!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Déi liberal Partei huet an hirem Wahlprogramm - dat war net ee vun 2001 oder 2002 oder 2003, mä dat war de Wahlprogramm vum leschte Joer -, huet déi liberal Partei ugekënnegt: „Die DP steht auch weiterhin zu diesem Engagement. Die DP wird die Renten in Zukunft weiterhin gemäß den bestehenden gesetzlichen Verpflichtungen regelmäßig anpassen.“

► **Une voix.**- Très bien! Très bien!

(Brouhaha général)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dat ass de Pabeier vu gëschter. An dat Wuert vu gëschter, dat géllt haut net méi! Dat géllt haut net méi!

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Schwätzt iwwert d’Gesetz vun haut! Net iwwert d’Gesetz vu gëschter!

(Interruptions diverses)

► **Une autre voix.**- Dir paakt et un!

► **M. le Président.**- Lauschtert dem Här Minister no! Wann ech gelift!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Déi nächst Generatioun...

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Dat Wuert vu gëschter...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här Di Bartolomeo, wa se sech schonn net méi kënnen drun erënnere, wat se d’lescht Joer geschriwwen hunn,...

(Hilarité)

Mir wollt se elo wäismaachen, si wëssten nach, wat se virun zéng Joer geschriwwen hunn.

(Hilarité générale)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Jo, mä, also, hiert Kuerzzeitgediechnis huet...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Dat Laangzäit, dat hält besser.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- ... huet Problemer.

Also, ech wollt soen, dass dat doten eigentlech eng ganz duerchsiichteg Taktik ass, oder, et kann een och aneschtens soen: Et spillt een op zwéi Tableauen. Et probéiert een, op där enger Säit jiddwerengem et gerecht ze maachen, op där anerer Säit et jiddwerengem gerecht ze maachen; op där enger Säit couragéiert opzetrieden, an op där anerer Säit - an dat ass nach net esou laang hier, wou mer dat matkritt hunn -, op där anerer Säit esou weëneg wéi méiglech Courage ze weisen.

Ech muss soen, esou wéi een an de Bësch erajäizt, esou schalt et erëm.



► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech liesen, wat virun enger Stonn bei der Regierung décidéiert ginn ass an Ärer Ried vu leschter Woch...

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Ech wëll just soen, dass dat doten inkonsequent am Quadrat...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- D'lescht Woch! D'lescht Woch!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Am Quadrat!

(*Interruptions*)

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, dem Här Minister nozelauschteren!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Här Bettel, ech wëll just soen, dass meng Stëmm e bësse méi haart ass wéi Är.

► **Plusieurs voix**.- Oh!

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech liese just, dass d'lescht Woch hei gesot ginn ass, dass d'Betribler net genuch besteiert ginn. An ech liesen, wat aus Ärer Koalitioun...

(*Interruption*)

Déck Bake maachen an dann...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domat, dass mer haut der Chamber proposéieren, dass den Ajustement ausbezuelt gëtt an zwou Etappen, wëlle mer net soen, dass et keen Handlungsbedarf gëtt, fir eis Pensioune laangfristeg ofzesécheren.

► **Plusieurs voix**.- Ah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Mir hunn an deene leschte Méint, nodeem mer och hei eng ganz konstruktiv Orientéierungsdebatte hatten, vill geschafft. A mer wäerten d'Orientéierung vum der Reform, wann net nach an deem leschte Conseil vum dësem Joer, dann an engem vun deenen éischte Conseile vum nächste Joer op den Dësch leeën.

Ech huelen dat Ugebuert vu sämtleche Bänke vun dëser Chamber dankend un, fir mat der Chamber vun Ufank u ganz am Detail déi Propositionen ze diskutéieren. Well eng gedeelte Verantwortung an deem dote schwéieren Dossier ass sécherlech besser, wéi eng Verantwortung just eleng a sengem eegene Rucksack.

Mir wäerten déi Reform op eis Aart a Weis maachen. Sou wéi mer gewinnt sinn: net d'Kand mam Buedwaasser...

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- D'Gesondheitsreform!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Dir hutt jo nach näischt brauchen ze reforméieren, Här Gira, duerfir kënnt Der e bësse méi tough hei optrieden. Mä iergendeng Kéier wäert ech an Ärer Plaz dosetzen...

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Majo hoffentlech!

(*Interruptions*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- ... an lech un déi gutt Virsätz...

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- An Däitschland übe se schonn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- ... an lech un déi gutt Virsätz...

(*Interruption et hilarité*)

Ech mengen och net.

Här President, dat ass also, et ass also ganz kloer, dass dat nächste Joer een Haapt-dossier niewent anere wichtege wäert kennen: Dat ass dee vun der Pensiounsreform.

Et ass net esou, dass...

► **M. le Président**.- Här Minister, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Ah, et ass mäi leschte Saz, Här President.

► **M. le Président**.- Wonnerbar.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Dir kënnt Gedanke lesen.

(*Interruptions*)

Et ass net esou, Här President, dass an deene leschte Joren net doru geschafft ginn ass. Mir sinn elo prett, fir...

(*Interruption*)

...konkret Propositionen op den Dësch ze leeën. Mir iwwerhuelen also eis Verantwortung. Un lech...

(*Interruption et brouhaha*)

► **Une voix**.- Genau! Genau!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale*.- Un lech wäert et sinn, d'Verantwortung mat eis ze deelen.

Ech soen lech Merci.

(*Interruptions*)

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(*Interruptions*)

Mir redresséieren dat. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6217 ass ugeholl mat 47 Jo-Stëmmen, géint 8 Nee-Stëmmen a 5 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6217 est adopté par 46 voix pour, 9 voix contre et 5 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, M. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par Mme Christine Doerner), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(*Négation*)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6177 iwwert d'Assurance accident. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Wagner, Braz, Gibéryen a Hoffmann. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

3. 6177 - Projet de loi portant introduction d'un taux de cotisation unique dans l'assurance accident et modifiant:

1. le Code de la Sécurité sociale;

2. la loi modifiée du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi ass souze-soen déi logesch Suite vun der Reform vun der Assurance accident, déi mer dëst Fréijoer gestëmmt hunn. Erlaabt mer duerfir als Introductioun nach eng Kéier op déi wichtegst Punkte vun där Reform anze-goen.

Eng vun den Neierunge vun där Reform war folgend: Virdu war d'Assurance accident opgedeelt a Régime général a Régime-spécialen, ënnert déi d'Fonctionnairen an d'Employé-publicë gefall sinn, grad wéi eng Rei vu Persounen, fir déi de Stat opkënnt.

Dës Régime-spécialë waren duerfir besonnesch, well d'Assurance accident sech wuel ëm d'Gestioun bekëmmert huet, de Stat allerdéngs als Patron der Assurance accident just d'Prestatiounen zrëckbezuelt huet. De Stat huet sech an där Hisiicht, anescht wéi all aner Patronen, net um Finazement vum ganze System bedeelegt.

De Statsrot hat deemools a sengem Avis fonnt, dass et a sengen Aen nëmme ganz schwéier ze rechtfertige wier, weider de Régime spécial fir d'Fonctionnairen an d'Employé vum Stat oprechtzeerhalen. D'Chamberskommissioun huet du per Amendement décidéiert, fir dës Régime-spécialen ofzeschaffen a se an de Régime général ze integréieren. Dat huet eng Charge supplémentaire vun zirka 7,4 Milliounen fir de Stat bedeit.

Mä doduerch, dass de Stat sech vun deem Moment un um Finazement vum System bedeelegt huet, sinn d'Bäitrag vun deenen anere Patronen erofgaangen. An der Vergaangenheet war et esou, dass e Véirel, also 25%, vun den Dépense solidaresch vun allen Employeure gedroe goufen, onofhängeg vun der Risikoklass. Nodeems décidéiert gouf, fir de Régime spécial vun de Statsbeamten an de Statsemployéen an de Stat sech als Employeur och um solidaresche Finazement bedeelegt, huet d'Chamberskommissioun proposéiert, fir de gemeinsamen Taux op 36% eropzesetzen. Dëst huet fir d'Employeuren eng méi oder manner staark Réduktioun vum Cotisationstaux mat sech bruecht, déi jee no Risikoklass festgeluecht ginn ass.

Dëse Projet de loi geet elo nach e Schrëtt méi wäit a Richtung vu méi Solidaritéit, andeems et en Taux unique an der Assurance accident gëtt, deen agefouert gëtt. Am Moment ass et jo esou, dass déi verschidde Secteuren, jee nodeem, wéi vill se dem Onfallrisiko ausgesat sinn, méi oder manner musse cotiséieren. An der Klass 2 bezuelen zum Beispill d'Assurancen an d'Banken, déi an dëser Klass regruppéiert sinn, haut en Taux vun 0,45%. D'Klass 7, déi d'Daachdeckerentreprisë regruppéiert, bezilt 6%.

D'Aféiere vun engem Taux unique vun 1,25% huet wuel als Konsequenz, dass d'Entreprisë vun der aktueller Klass 2 méi musse bezuelen, mä dofir ginn d'Chargesalarialë vun deene kleng Betribler, haaptsächlech déi vum Bau, e gudde Krack erof. D'Solidaritéit ënnert de Cotisantë gëtt mat dësem Projet de loi also ofgeronnt a vervollstännegt.

Eng weider Neierung vun dësem Projet ass d'Aféierung vun engem Bonus/Malus-System. Dëse System fonctionnéiert esou, dass de Cotisationstaux fir d'Assurance accident variéiert, jee nodeem, wéi vill Accidenter e Betrib am Laf vun engem oder zwee Joer ze verzechnen huet. Den Taux vun de Betribler, déi vill Accidenter hunn, kéint bis op 1,9% klammen. Déi, déi weineg Accidenter hunn, brauchen dann nëmme méi en Taux vun 0,6% ze

bezuelen. Dës Moosnam encouragéiert d'Betribler, konsequent an d'Previsioun an an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz ze investéieren. Si soll och verhënneren, dass et Betribler gëtt, déi méi noléisseg kéinte ginn, wat d'Sécherheet op der Aarbecht ugeet, well hir Cotisatioun erofgaangen ass. Déi genau Modalitéite vun dësem System ginn nach iwwer e Règlement grand-ducal définéiert, no Konsultatiounen mat deene betraffene Patronatschamberen.

An dësem Kontext ass och nach ervirze-sträichen, dass de Statsrot sech a sengem Avis complémentaire vum 7. Dezember géint d'Erëmaféierung vun de Risikoklassen ausgeschwat huet, well e mengt, dëst géif Onkloerheet bréngen an engem Gesetzesprojet, dee méi Solidaritéit tëschent den Entreprises, onofhängeg vun hirem Risiko, schafe wëllt.

Vu dass de Bonus/Malus-System awer grad agefouert gëtt, fir dass d'Entreprisë méi an d'Previsioun investéieren, muss dëse System esou opgebaut sinn, dass d'Entreprisë mat ähnlechem Risiko ënnerenee kënnen verglach ginn. Wann een dat nämlech net mécht, da kommen noutgedronge Firme mat engem héije Risiko - zum Beispill de Bausecteur - ëmmer méi schlecht ewech wéi Firme mat engem kleng Risiko, zum Beispill d'Büroar-bechten.

Wann een awer Entreprisë mat engem ähnliche Risiko an hiren Aktivitéiten, déi a Klasse regruppéiert ginn, ënnerenee vergläicht, dann ass all Patron incitéiert, fir méi Preventioun géint Accidenter ze maachen. An nëmmen esou kann e gudden a gerechte Bonus/Malus-System geschafe ginn. Duerfir ass d'Kommissioun bei hiren Amendementer bliwwen an huet dem Statsrot seng Propositioun an deem dote Fall net matgedroen.

Dëse Projet bréngt och eng Neierung fir déi handicapéiert Leit. Bis elo waren Aarbechter, déi an engem Atelier protégé schaffen, am Régime général verséichert. Handicapéiert Leit, déi net an esou engem Atelier schaffe kënnen, déi awer an esou Institutionne betreit ginn, déi ware bis elo net verséichert. Dëse Projet gesäit vir, fir si ënnert dem Régime spécial vun der Assurance accident ze versécheren, sou wéi dat de Fall ass fir déi Leit, déi an enger Ausbildung sinn oder och an der Éducation différenciée.

Schlussendlech gëtt den Artikel 38, Paragraph 4 vum Gesetz vum 18. Abrëll 2008 iwwert den Renouvellement du soutien au développement rural esou verännert, dass de Stat, dee bis elo d'Assurance-accident-Cotisatiounen vun de Bauerebetribler bis zu dräi Véirel iwwerholl huet, dat elo net méi mécht. Dës Hëllef vum Stat fir de primäre Secteur war gerechtfertegt, wou den Taux bal 3% erreecht hat. Mä d'Aféierung vum Taux unique mécht dëse Bäitrag vum Stat iwwerflësseg. D'Prestatiounen un d'Affer vun engem Accident an engem Bauerebetrib souwéi d'Majoratiounen fir Grands blessés, déi och bis elo vum Stat iwwerholl gi sinn, falen elo ënnert de Régime général.

Wéi ech virdru scho gesot hunn, iwwerhëlt de Stat de Bäitrag vun der Assurance accident fir d'Statsbeamten an d'Gemeengebeamten, wat eng Méiausgab vu 7,4 Milliounen Euro fir de Stat an 1,2 Milliounen fir d'Gemeenge bedeit. Duerch d'Aféiere vum Taux unique steigen déi Méidépensen, wann d'Hëllef vum Stat fir de primäre Secteur mat considéiert gëtt, op 20,6 Milliounen fir de Stat an 2,6 Milliounen fir d'Gemeengen. Den Désengagement vum Stat, wat d'Cotisatiounen vum Secteur agricole ugeet, d'Iwwerhuele vun de Majoratiounen fir Grands blessés an de Leeschtunge vun de sougenannten Aidants occasionnels vum Régime général erméiglechen et, dass dës Charges supplémentaires fir de Stat ëm 5,3% erofgesat kënnen ginn.

Et ass heibäi wichteg ze ënnersträichen, dass all dës Mesurë fir déi betraffe Leit keng Répercussione wäerten hunn. Déi Suerg, déi d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Salariés an hirem Avis zum Ausdrock bruecht hunn, dass den Désengagement vum Stat zu enger Erhéijung vum Taux unique géif bäidroen, ass eiser Meinung no net gerechtfertegt.

Et kann een an deem Kontext och eigentlech guer net vun Désengagement vum